



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam Tanson a vum Här Minister fir bannezeg Sécherheet Henri Kox zu der parlamentarescher Fro n°6728 vum 29. August 2022 vun den honorabelen Deputéierten Claude LAMBERTY a Carole HARTMANN iwwert Vermësstemeldunge vu Mannerjäreger**

- **Wéi vill Vermësstemeldunge goufen et zu Lëtzebuerg iwwer déi lescht 10 Joer?**
- **Wéi vill dovunner ware Mineuren?**

Déi folgend Tabelle ginn déi gefrotten Zuelen un. Et ass ze bemierken, dass net all Vermësstemeldung öffentlich gemaach gëtt. De Choix vun enger öffentlecher Vermësstemeldung gëtt au cas par cas tëscht Police a Parquet gekuckt.

		Luxembourg									
		2011/ 12	2012/ 13	2013/ 14	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021
Mineurs	<i>Filles</i>	119	108	132	143	171	97	134	135	133	185
	<i>Garçons</i>	72	65	72	134	196	114	173	183	172	152
	Sous-total	191	173	204	277	367	211	307	318	305	337
Majeurs	<i>Femmes</i>	NA	NA	NA	NA	NA	NA	NA	NA	NA	74
	<i>Hommes</i>	NA	NA	NA	NA	NA	NA	NA	NA	NA	79
	Sous-total	161	132	125	126	129	150	145	152	132	153
<b>Total</b>		<b>352</b>	<b>305</b>	<b>329</b>	<b>403</b>	<b>496</b>	<b>361</b>	<b>452</b>	<b>470</b>	<b>437</b>	<b>490</b>



		Diekirch									
		2011/12	2012/13	2013/14	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021
Mineurs	Filles	NA	NA	NA	NA	NA	NA	40	49	36	56
	Garçons	NA	NA	NA	NA	NA	NA	93	116	73	97
	Sous-total	23	33	28	45	90	63	133	165	109	153
Majeurs	Femmes	NA	NA	NA	NA	NA	16	12	8	16	31
	Hommes	NA	NA	NA	NA	NA	20	25	32	34	50
	Sous-total	51	43	37	50	42	36	37	40	50	81
<b>Total</b>		<b>74</b>	<b>76</b>	<b>65</b>	<b>95</b>	<b>132</b>	<b>99</b>	<b>170</b>	<b>205</b>	<b>159</b>	<b>234</b>

- **A wéi vill Prozent vun de Fäll konnten d'Persounen erëmfonnt ginn, an a wat fir engem Zäitraum?**

Et ass aus aus verschiddene Grënn net méiglech, konkret Zuelen unzeginn.

Éischtens, tauche verschidde vermësste Persounen relativ séier erëm op, wat d'Famill déi d'Disparitioun signaléiert huet awer net der Police matdeelt. Dëst huet awer weider keng Inzidenz op d'Policearbecht, déi ëmmer kloren Virgabe bei enger Vermësstemeldung follegt. De Suivi vun enger Vermësstemeldung ass doduerch ëmmer assuréiert, a jee nodeems wéi se agestuuft ginn ass, kann et dann och zu enger Enquête judiciaire ënnert der Responsabilitéit vun de Justizautoritéite kommen.

Zweetens, erméiglecht d'Datebank vun der Police et net, statistesch en direkte Lien tëschent de Vermësstemeldungen an dem rëm Opfanne vun enger als vermësst gemellte Persoun hierzustellen.

Drittens, gëtt den informatesche System vun de Justizautoritéiten d'Reapparitiounen net ëmmer hir, vu datt d'Police Rapporten déi mentionéieren, datt d'Persoun erëm fonnt gouf, zum Deel un aner Rapporten annexéiert ginn.

- **Wat sinn déi heefegste Grënn fir Disparitiounen?**

Dës Grënn kënnen ganz ënnerschiddlech sinn, esou datt et schwierig ass, eng kloer Tendenz ze identifizéieren.

Bei Mannerjärege handelt et sech oft ëm Fuguen a se kommen no 24-48 Stonnen erëm heem. A verschiddene Fäll verschwannen d'Mannerjäreger wéinst Onwuelbefannen oder bei Konflikter am familiären Ëmfeld. All Fall gëtt der Police gemellt, de Parquet gëtt informéiert a Recherchë ginn an d'Weeër geleed.



Bei Erwuessene kënnen d'Grënn och ganz divers sinn. Verschidde Persounen wëllen sech vun hirem Ëmfeld an hirer Famill distanzéieren, anerer hunn eng Bekanntschaft gemaach, déi se nach net officialiséiere wëllen. Schlussendlech gëtt et och nach de Fall vun eelere Persounen déi hir Wunneng net méi erëm fannen.

Ausserdeem muss bemierkt ginn, dass wann eng Persoun erëm fonnt gëtt an awer net wëll dass hir Famill doriwwer informéiert, d'Justizautoritéiten dës Wonsch respektéiere mussen. An deem Fall gëtt d'Famill informéiert, dass d'Persoun erëm fonnt gouf, mee keng weider Informatiounen geliwwert.

- **Ginn den Internet Site vun der Police an de Site vum AMBER Alert am Fall vu Vermësstemeldungen reegelméisseg a komplett à jour gesat?**
- **Falls nee, wisou net?**

D'Police versicht bei ëffentleche Vermësstemeldungen stets dës esou gutt ewéi méiglech ze verbreedden. E wichtegen a fiabele Partner stellt an dës Fäll d'Press duer, déi dofir suergt, dass d'Meldungen séier a wäit verbreet ginn. D'Police beriff sech awer och op hir eegen Outilen. Dozou gehéieren niewent enger Pressematdeelung d'sozial Medien. Esou gëtt all ëffentlech Vermësstemeldung op der Säit vun der Police op Facebook an Twitter publizéiert. Dëst si bei wäitem déi effizientst Outilen. Elleng op Facebook ginn an der Moyenne ronn 25.000 Leit mat enger Meldung erreecht. Den Internetsite vun der Police gëtt bei wäitem net esou vill consultéiert wéi d'sozial Medien. Am Prinzip ginn awer all déi ëffentlech Vermësstemeldungen op Police.lu publizéiert. Et waren effektiv net ëmmer allegueren d'Meldungen parallel op der Police hirer englescher an däitscher Versioun visibel. Dëst ass entretemps awer assuréiert.

De Site vun Amber Alert gëtt just dann à jour gesat, wann och en Amber Alert ausgeléist gëtt. Am Prinzip geschitt dat bei engem vermësste Mineur, wou ee kann dovun ausgoen, dass d'Liewe vum Kand a Gefor ass. D'Decision, den Amber Alert auszeléisen, gëtt vun der Police zesumme mam Parquet getraff.

- **Um Site vun AMBER Alert kann een sech umelle fir dës Alerten iwwer sozial Netzwierker ze kréien. Fannen d'Madamm an den Här Minister et effikass, dass de Public sech proaktiv fir dës Message muss umellen ?**
- **Wéi vill Leit si bis dato fir dës Meldungen enregistréiert?**

Amber Alert bitt de Leit verschidde Méiglechkeeten, sech ze enregistréieren, dorënner d'Aschreiwung op eng Newsletter. Hei si momentan 1.188 Leit enregistréiert. Dës Leit kréie bei engem Amber Alert e Mail geschéckt. Och hei muss ee soen, dass d'sozial Medien awer méi effizient sinn. Gëtt zu Lëtzebuerg en Amber Alert ausgeléist, kritt automatesch all Persoun op Facebook, déi hei am Land agelogg ass, ob Resident oder net, eng Notifikatioun, och wa se néierens enregistréiert ass.

- **Wéi stinn d'Madamm an der Här Minister dozou an all Fall vun enger Vermësstemeldung Ecranen am ëffentlechen Transport anzesetze fir d'Sich no de vermësste Leit méi wäit auszebreedden?**



Dës Mesure kéint am Prinzip en effikasse Moyen duerstelle fir vermësste Persoune besser kënnen erëm ze fannen, vu datt d'Vermësstemeldung esou potentiell méi Visibilitéit krit.

- **Ab wéini gëtt am Fall vun engem vermësste Mineur d'Kooperatioun mat Europol an Interpol lancéiert?»**

E vermësste Mineur gëtt nëmmen national an am Schengen Information System (SIS) signaliséiert („zur Fahndung ausgeschriben“). Europol an Interpol ginn net direkt mat implizéiert. Et ass awer méiglech, de vermësste Mineur am Interpol System ze signaliséieren, wann et e Verdacht gëtt, dass d'Persoun sech ausserhalb vum Schengenraum kéint ophalen. Dëst kann awer just gemaach ginn op Decisioun vum Parquet.

Lëtzebuerg, den 4 Oktober 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson